N°206
Entrée le 19.01.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.01.2024

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/01/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

2020 hat déi deemoleg Ëmweltministesch d'Muffelen zu Iechternach fir d'Juegd fräi ginn. D'Piraten haten a villen Froen an Interventioune fir aner Léisunge plädéiert. An eiser leschter parlamentarescher Fro (N°1961) huet d'Ministesch erkläert, dass d'Afänke vun de Muffele weider eng Optioun wier, falls d'Juegd sech als net erfollegräich géif erweisen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Muffelen si säit dem Fräigi fir d'Juegd geschoss ginn? Gesäit de Minister dëst als eng erfollegräich Juegd un?
2. Wéi vill weiblech Muffele goufe bis ewell geschoss an ass gewosst ob Déieren dobäi waren déi gedroen hunn?
3. Hält den Ëmweltminister weider un der Juegd un de Muffele fest oder wäerten aner Optioune wéi d'Afänken an Zukunft eng Roll spillen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

N°206
Entrée le 26.02.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Äntwert vun dem Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n°206 vum 19. Januar 2024 vun dem éierewäerten Deputéierten Här Marc Goergen iwwert "Chasse du mouflon"**

1. **Wéi vill Muffelen si säit dem Fräigi fir d'Juegd geschoss ginn? Gesäit de Minister dëst als eng erfollegräich Juegd un?**

Den éierewäerten Deputéierten referéiert sech mat "Fräigi fir d'Juegd" op déi deemools geplangte "chasse administrative". Eng "chasse administrative" op d'Muffelwëld huet allerdéngs ni stattfonnt, sou datt an deem Kontext och keng Muffel geschoss goufen. Aus dësem Grond kann och net vun enger erfollegräicher oder net erfollegräicher Juegd geschwat ginn.

Et ass awer drop hinzeweisen, datt Muffelwëld ganzjäreg bejobar ass (mat Ausnam vun der Schounzäit) an datt am Kader vun der regulärer Juegd Muffel geschoss goufen: an de 5 Juegdlouse vum Raum Iechternach goufen an de Juegdjoeren 2021/22 an 2022/23 insgesamt 22 Muffele geschoss.

2. **Wéi vill weiblech Muffele goufe bis ewell geschoss an ass gewosst ob Déieren dobäi waren déi gedroen hunn?**

An deene 5 Juegdlousen, déi gréisstendeels innerhalb den Iechternacher Gemengegrenzen leien, goufen an de Juegdjoeren 2021/22 an 2022/23 insgesamt 8 Schof geschoss. Informatiounen zur Trächtegkeet ginn et keng.

3. **Hält den Ëmweltminister weider un der Juegd un de Muffele fest oder wäerten aner Optioune wéi d'Afänken an Zukunft eng Roll spillen?**

Vu datt et sech beim Muffel ëm eng net heemesch Aart handelt, ass eng Translokalisatioun op eng aner Plaz hei am Land oder an Nopeschlänner net méiglech. Wéinst genetescher Differenz zu der Ursprongspopulatioun, ass et dann och net méiglech z.B d'Déiere an hir Ursprongslänner zeréck ze bréngen, a wier och mat net akzeptabelem Opwand verbonnen.

Déi klassesch Juegd op de Muffel ass déi bis dato effizienteste Method vun der Gestioun vun enger Populatioun hei zu Lëtzebuerg, an domat och am Sënn vum Déierewuel a Naturschutz.

Lëtzebuerg, den 23. Februar 2024
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit